Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 1. Juli 2017

DEN JEAN BERG



Zu Diddeleng den 14. November 1932 gebuer, koum den Jean BERG, deen ëmmer Jeia geruff gouf, an der Zäit kuerz nom 2ten Weltkrich mat sengem Brudder Benny bei d'Peaux-Rouges. Als Scout an dunn als Rover wor hien ganz aktiv an duerno huet hien als jonken Chef sech em eis Scouten gekëmmert. Am Joer 1957 gouf hien als Nofolger vum René GOORIX den zéngten Gruppechef vun den Peaux-Rouges. Déi jonk Cheffen an den Comité hunn vill Hoffnungen an hien geluecht fir den deemools schonn nett méi esou staarke Groupe erëm no vir ze bréngen.

Bestuet wor den Jeia mam Germaine MANSION a Papp vun engem Meedchen, dem Joëlle. Geschafft huet hien op der Schmelz als Infirmier an gewunnt huet hien zou Helleng. Duerch en schrecklecht Verkéiers-Accident wou een zou Beetebuerg kuerz nom Krakelshaff an hien gerannt ass wéi hien vun der Schicht komm ass an ënnerwee fir Heem war, huet hien eis den 31. August 1959 fir ëmmer verlooss.

Nous avons la profonde douleur de faire part du décès de notre bien-aimé et regretté époux, père, fils, frère, petit-fils, beau-fils, beau-frère, neveu, oncle et cousin

Monsieur Jean BERG

dit „JAYA"

époux de Marie-Germaine Mansion

subitement décédé par suite d'accident à Peppange, le 31 août 1959, à l'âge de 26 ans,

La levée du corps se fera le mercredi, 2 septembre, à 9 heures, de l'Hôpital de Dudelange.

Le convoi funèbre partira de la douane française à Kontz-les-Bains le mercredi, 2 septembre, à 10.30 h. pour se rendre au cimetière de Kontz-les-Bains.

De la part de :

Madame Jean Berg-Mansion et sa fille Joëlle et des familles parentes et alliées.

Hellange, Dudelange, Rumelange, Kontz-les-Bains, Haut-Kontz et Mondelange, le 1er septembre 1959.

Den Jeia leit zou Kontz-les-Bains begruewen an seng Scouts-Komeroden vun den Peaux-Rouges hunn hien an den Joeren oft besicht. Den Groupe ass an en Schock-Zoustand gefall vun deem en sech ni méi richteg erholl huet bis an d' Nei-Zäit eran. Hien huet seng jonk Fra an säin Kand vun deemools nach kengen dräi Joer hannerlooss. Den Jeia gouf dunn an den Peaux-Rouges zou engem richtegen Mythos.

****